
SEAventuren
-NDI-
Meng Stëmm am SEA

Léif Kanner,

dëse Comic kënnt vun iech, aus ärem SEA, aus äre Gedanken, äre Wënsch an ärer Fantasie. Zesumme mam Comic-Kënschtler Andy Genen si mir vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend bei iech op Besuch komm. Mir hunn eis nieft iech gesat, nogelauschtert an déi wichteg Fro gestallt: „Wéi gesäit een SEA aus, wou dir Kanner iech wuel a sécher fillt?"

Mir haten eis Oueren a Bläistëfter gespëtzt, fir mat iech zesummen eng Geschicht ze schreiwen, déi weist, wat iech wichteg ass, a wéi een SEA dir zesumme baue wëllt.

Dir hutt eis mat op eng Rees geholl op aner Planéiten, duerch d'Weltall an op Abenteuer mat wëllen Déieren, déi net geféierlech sinn, mee Frënn a Partner.


A gläichzäiteg hutt dir eis ganz kloer gesot, wat iech wichteg ass: datt Erwuessener Zäit hunn, fir mat iech ze spillen, datt mir zesumme vunenee léieren, datt mir Kompromësser fannen, wa mir verschidde Wënsch hunn, an datt Reegelen net just do sinn, mee erkläert a verstane ginn.


An dobäi hutt dir eis un eppes ganz Wichteges erënnert: Kanner hunn d'Recht matzeschwätzen. An Erwuessener hunn d'Flicht nozelauschteren. Dat steet net nëmmen am Gesetz geschriwwen, mee soll gelieft ginn. Dofir ass dëst Buch är Stëmm, fir der Welt ze weisen, wéi vill Kanner ze soen hunn.

Ech wënschen iech vill Freed beim Liesen.


Claude Meisch


Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend






Just nach eng kleng Erklärung, éier mir lassleeën:
„Maison relais"?
„Foyer scolaire"?
„Foyer de jour"?
MAISON RELAIS
SCOLAIRE
Wéi heescht et dann elo?
Ma ganz einfach:
MAISON RELAIS
YER SCOLAIRE
Vun elo un heesche mir alleguer SEA!
SEA
Dat steet fir: ...
... Superhelden ...
... Entdecker ...
... an Astronautinnen!
Hahaha, jo, oder einfach fir „Service d'Education et d'Accueil".
An elo fänkt eis Aventure un, ...


... direkt virun der Dier vum SEA.
Ech kenne keng Detailer vun der Aktivitéit, Sam. D'Iddi koum vum Rachel an den Thierry huet sech bis elo ëm alles gekëmmert.
Mee well hien haut Congé huet, entdecken ech dat Ganzt elo och eréischt mat dir zesummen.
Ok, Rosa. D'Haaptsaach ass, ech ka mat anere Science-Fiction-Fans zesummen eppes maachen.
An e „Mir-bauen-eist-eegent-Raumschëff"-Workshop héiert sech jo scho mol ganz cool un!
Dem Plang no misst et nach ganz e bësse méi no riets.
MAISON RELAIS
FOYER SCOLAIRE
FOYER DE JOUR
SEA



Rachel? D'Sam wëll och Member vun ärer Crew ginn!
Wierklech? SUPIII!
Ëëëë...



Wat méi Leit, fir un eisem Raumschëff matzebauen, wat besser!
Den Thierry hat eis gëschter déi grouss Aarbechte gemaach, wou een en Hummer an eng Leeder brauch.
An elo schaffe mir nach un de leschten Detailer.
Wëlls de eis Pläng gesinn, Sam? Ech hu se mat Glitzerstëfter gemoolt!
Dat gesäit super aus, Kanner!
Wéi cringe ass DAT dann ...?!?
Ënner „Raumschëff bauen" hat ech mir awer eppes aneschtes virgestallt.
Allez, dat gëtt bestëmmt vill méi flott, wéi s du dir dat elo hei virstells!
Bon, ok, ok, ech maache mat.
Awer et kënnt net an d'Tut, dass ech Geräischer vu Laseren nomaache muss!
Oder vun iergendwellechen ausserierdesche Liewewiesen!



Wëlls de eist Raumschëff eng Kéier vu banne gesinn?
„Raumschëff"? Fir mech ass dat éischter e „RaumSCHAPP", Mathis!
... an do mussen nach Stären hin.
Jo, genee.
An hei och nach.
An do!
Rosa, kanns du eng Kéier kommen, wannechgelift?
Dat hei ass de Kenny.
Sa-lüüü!
Hien ass Educateur an engem aneren SEA a wollt e bësse kucken, wéi mir hei bei eis schaffen.
Kann hien dir de Moien e bëssen nokucken?
Jo, gären!
Mir schaffe grad un engem Raumschëff.
E Raumschëff? Fir op aner Planéiten ze fléien??? MEEEGA!!!!





Elo, wou mer zu méi sinn, gi mer vläicht nach virum Mëttesiesse mat allem fäerdeg.
Hues du Musek op denge Kopfhörer?
Haha, nee, ech hunn e bësse méi „speziell" Oueren, dofir hunn ech dee Schutz un.
Éier dir no de Stäre gräife kënnt, peche mir der mol nach e puer op.
An elo setzen ech just nach den Tëppelchen op den „i".
E wéineg méi spéit war et dunn esou wäit:
FÄERDEG!
Juchhu, super!
Allez, Sam, free dech dach e bëssen.
Yay.



An elo gëtt et eescht!
Sidd der prett fir eis éischt Missioun?
De Chefingenieur Tim ass prett, Käpt'n Rachel!
De Steiermann Mathis och!
O, däerf ech de Kommunikatiouns-offizéier sinn? Däerf ech? DÄERF ECH?
Maach du dat roueg, Kenny.
Ausser DU wéilts dat gäre sinn, Sam?
JUPPIII!
Allez, klammt elo alleguerten eran.
Ech bleiwen dobaussen a suergen dofir, dass dir iech fillt, wéi wann dir WIERKLECH duerch de Weltall fléie géift.
Cool, merci, Rosa. Du bass dat Bescht!
Vill Spaass!
Ass jiddereen ugestréckt?
Sämtlech Baggagen ënnert de Sëtzer verstaut?
An et geet lass!



Opgepasst, ech fänken elo un, um Schëff ze wackelen an ze rëselen!
Dat gëtt cool!
JUCHHU!!
YEAHHH!!
Ugh.
Wéi ass d'Situatioun, Steiermann Mathis?
Mir sinn an en Asteroidefeld geroden, Käpt'n!
*BLIP*
Ech froe mech, wou ECH hei higerode sinn?
Voll Energie op d'Schutzschëlder!
Aye, aye, Käpt'n!
*Piu-Piu*
Käpt'n, Käpt'n, mir si getraff!!!
*Prrrrrrrr*
*Pschhhh*



*RRRRRMMM*
Wat mécht d'Rosa dann nëmmen dobaussen?
Dat gefält mir guer net, wéi dat op eemol alles hei wackelt a vibréiert!
*RRRRRMMM*
Et schéngt, wéi wa mir ukomm wieren.
Wéi? Hale mir schonn op mat spillen?
Schued ...
Och nö, grad wou et esou schéi war!
Uff, ee Gléck!
Et war ganz schéi mat iech.
Merci.
Äddi.
MEE LOOSST MECH ELO HEI E...
...raus?


Et gesäit esou aus, wéi wa mir net méi am SEA wieren.
An och net méi op der ÄERD.
Jo, do hues du nawell ganz Recht, Sam!


HÄERZLECH WËLLKOMM OP FRETCEDI BR-5, ...
... mengem Heemecht-Planéit!
W-wéi ...?
W-wat ...?
F-FIRwat ...?
Ma ären SEA ass weltallberüümt!
Déi Videoen, déi dir vun ären Aktivitéite post, hu Millioune Klicks um Intergalaknet.
Wooow!!!
Meega!



An dunn hu mir geduecht, et kéint een eventuell Iddien austauschen, fir verschidde Saachen an Zukunft NACH e bësse besser ze maachen.
Wéi hätt ech dat da maache sollen?
„Moien, ech komme vun engem SEA, fir Kontakt mat iech opzehuelen. A jo, an deen SEA ass op engem Planéit, dee Liichtjore vun ärem ewech ass."
Ma firwat hues du eis dat dann net einfach vun Ufank un esou erzielt?
Stëmmt, ESOU ausgedréckt kléngt dat wierklech nawell zimmlech verréckt.
Mee wéi ass et da méiglech, dass eist „Raumschëff" op eemol WIERKLECH duerch de Weltall fléie konnt?
Ganz einfach: Ech hunn e ganz normale Spatioformaltransformator a mäi Bracelet agebaut. Dee kreéiert en onsiichtbaart Energiefeld, dat et engersäits erméiglecht, d'Gravitatioun ausser Kraaft ze setzen, an anerersäits genuch Propulsioun ze generéieren, fir duerch d'Atmosphär stoussen ze kënnen. Gläichzäiteg entsteet dann och nach e Kraaftfeld, dat am Schapp klimatesch a biologesch Konditioune fabrizéiert, déi un ären terrestresche Liewensraum ugepasst sinn, an dat en plus och nach no baussen hin als Schutzschëld all méiglech Projektiller deflektéiere kann.
Hä?
Ma an anere Wierder: Mat deem klengen Déngens hei kënnt dir duerch de Weltall düsen, ouni ze erstécken, ze verbrennen, ze erfréieren oder vu Meteoritten ofgeballert ze ginn.
Wow.
Ok.
Aha.
Cool!!


Mee éier mir en nees benotze kënnen, fir zeréck op d'Äerd ze fléien, muss e fir d'éischt nei opgeluede ginn.
An et schéngt och, wéi wann awer op verschiddene Plazen e puer kleng Stäreschnäizen duerch d'Kraaftfeld gedronge wieren. Dat muss nach reparéiert ginn.
Mir kënnen dat alles an eisem SEA maachen.
Witzbold! Solle mir dee Koloss elo vläicht bis dohinner drécken oder wéi?
Nee, net MIR.
Mee SI kënnen eis dobäi hëllefen.
Woaaaa!!!




Wéi süüüss!!!
An esou fluffeg!
Keng Angscht, Sam. Si doen dir näischt.
A si ernäre sech just vum Stëbs, dee si op der Oberfläch vum Planéit opsaugen.



*schnurr-schnurr*
A, esou änlech wéi d'Wale mam Plankton bei eis op der Äerd.



Kenny, kanns du Fotoe vun eis maachen? Dat do gleeft eis soss keen!
Jo, kommt, mir maachen e Selfie, fir d'Rosa!
O GOTT, D'ROSA! Dat wäert sech voll Suerge maache wéinst eiser!
Keng Angscht, ech hunn en Zäitverzögerer an ärem SEA op der Äerd gelooss. Fir si sidd dir just ee mini Brochdeel vun enger Sekonn verschwonnen.
Dat heescht, si kréie guer net mat, dass mir fort sinn?
Uff, ee Gléck!
An du wëlls wierklech léiwer zu Fouss goen, Sam? Mammut-Reide mécht déck Spaass!
Nee, merci, Mathis. Ech bleiwe léiwer mat mengen zwee Féiss um Buedem!
Mir sinn elo souwisou bal ukomm: Dohannen ass eisen SEA.
SEA



Hei, de Käh-Niyh ass nees do!
An hien huet Alien-Kanner vun der Äerd matbruecht!
Hallo!
Schéin, dass dir eis besiche kommt!
Äre Planéit ass voll cool!
Merci!
Kommt, mir weisen iech eisen SEA!
O jo, ganz gären!
E wéineg méi spéit: ...
... an hei ass eisen Observatoire.
Äre WAT?


Dat ass en Zëmmer, vun deem aus een d'Stäre kucke kann.
Wow, cool!!
Ech wëll och esou eppes bei eis am SEA!
Ma da weess de jo schonn, wat s de an d'Iddie-Këscht geheis, wa mir nees doheem sinn.
Wat ass eng „Iddie-Këscht"...?
Ma do kann all Kand en Ziedel ageheien, wou dropsteet, wat hien oder hatt gären am SEA wéilt hunn.
Esou wéi dem Rachel seng super flott Iddi fir ee Raumschëff-Workshop.
„Super flott"? De Moien huet dat awer nach GANZ anescht geklongen.
Hihi.
Mir mussen och onbedéngt esou eng Këscht kréien!
Jo, mir kënnen dat gäre maachen, wann dir wëllt.
Wat géifs DU dir dann als Éischt wënschen?
Hmm, looss mech mol iwwerleeën.
O, ech weess eppes!


Anert Iessen!
Hei kënnt d'Iessen entweeder aus engem Tüb oder a Form vun esou Pastillen.
Jo, stëmmt.
An egal wéi, et schmaacht ëmmer alles zimmlech fad!
Mir hu gesinn, dass dir op der Äerd esou komesch orange Dénger mat gréng Bëmmelcher um Teller hat.
„Orange Dénger mat gréng Bëmmelcher"? Du mengs wuel „Ierbesse mat Wuerzelen"?
Keng Anung, wéi dir dat nennt,
... mee et huet witzeg, lecker A gesond ausgesinn!
A, ma wann dat esou ass, da waart ee Moment. Ech gi just séier eppes sichen, si gläich nees do.
Hë? Wou geet hatt dann elo hin?
Keng Anung.
Hey, Kanner, dir kennt dach d'Reegel, oder?


Jo-ho, Mhoh-Nhah: net am Gank mam Ball spillen.
Mir ginn da léiwer an d'Boing-zëmmer.
„Boing-zëmmer"...?
Ëmmer nëmme Reegelen, Reegelen, REEGELEN.
MÄI Wonsch, deen ECH an d'Iddie-Këscht geheie géing, wier: ...
... e ganzen Dag OUNI Reegele vun den Erwuessenen!
Dat wier coooool!
Mengs de?
Wa jidderee mécht, wat hie wëll, dann ass herno just nach Chaos.
Jo, Reegele kënnen zwar heiansdo nerveg sinn.
Mee si sinn awer och néideg.
Wéi zum Beispill, dass een d'Schong ausdoe soll, éier een an d'Boing-Zëmmer geet.
Soulaang een erkläert kritt, FIRWAT déi verschidde Reegelen do sinn, ass jo och alles gutt.
Bei eis am SEA erkläert d'Rosa eis ëmmer alles direkt.
De Käh-Niyh ass och ëmmer cool bei esou Saachen.
Et war och seng Iddi, fir de Kanner-Comité ze grënnen!
O, dir hutt e Kanner-Comité?
Boing
Boing
Boing
Boing
Boing
Boing
Boing



En SEA am Nopeschduerf huet och esou eppes.
De Comité vertrëtt d'Intresse vun de Kanner ...
... a kann och Saache mat decidéieren.
Cool, dat ass dann eppes, fir an EIS Iddie-Këscht!
Boing
Boing
Boing
Boing
A wien decidéiert, wien an dee Comité kënnt?
Ma jiddereen, dee wëll, ka sech fir d'Wal opstellen, a sämtlech Kanner kënnen dann hir Stëmm ofginn, fir wie si wëllen.
A wann dir en Tipp zu deem Theema braucht, da kann ech iech hëllefen:
Meng Campagne war e grousse Succès an ech sinn elo ee vun den zwee Membere vum Comité fir dëst Joer.
Hihi!
WIELT MECH!
Voilà, hei sinn ech nees!
A, Sam, wou waars du dann op eemol verschwonnen?
Ma ech war séier eppes sichen.
Eist Raumschëff ass jo eigentlech de Schapp fir dat ganzt Gaarde-Material.
An an deem „Raumschapp" ...



... ass och Som dobäi, fir selwer Geméis unzebauen.
Ta-daaa!
O, wow, genial!
A wéi ginn elo dorausser där Wierbessen an Uerzelen ...?
„Ierbessen a Wuerzelen" ...
Ma op de Verpackungen hutt dir schonn e puer Informatiounen, a wa mir nees doheem sinn, da schécke mir iech e Buch, wou alles erkläert gëtt.
Cooool, merci!
?!?
O, wéi süüüüüss!
Wat ... ass dat?
Kommt mat, mir weisen iech nach eisen absolutte Liblingssall!


Déi sinn alleguerten ESOUUUU cute!
All Kand hei huet esou eent.
Ech kéint mech guer net entscheeden, wéi eent ech wéilt hunn!
Dat brauchs du och guer net: Esoubal en neit Kand an den SEA kënnt, sicht sech eent vun den Déieren dat Kand eraus.
A vun deem Moment u sinn déi zwee da fir ëmmer matenee verbonnen.
Kuerz duerno:
Hey-ho, sidd der prett? Et ass un der Zäit, fir nees heemzegoen.
Oooo, SCHONN?


Jo, trotz dem Zäitverzögerer wëlle mir jo d'Rosa an déi aner op der Äerd net waarde loossen!
Stëmmt, du hues Recht.
Dann heescht et elo also leider Äddi soen.
Jo, et war super flott bei iech!



Schued, dass et schonn eriwwer ass!
Ma elo sinn eis zwee SEAe jo „Partner".
Dat heescht, mir kënnen eis vun elo u jo da reegelméisseg géigesäiteg besiche goen.
Wierklech? O, super, dat wier jo coool!


Majo dann: ÄDDIII!
Tschau! Bis geschwënn!



Nees zeréck op der Äerd:
Ass jiddereen ugestréckt?
Sämtlech Baggagen ënnert de Sëtzer verstaut?
An et geet lass!
Opgepasst, ech fänken elo un, um Schëff ze wackelen an ze rëselen!
Ok, Rosa, du kanns elo ophalen, mir si genuch gereest, merci!
Wéi dat dann? Ech hunn dach grad eréischt ugefaangen?
*URKS*
Séier, aus dem Wee, mir ass et net gutt, ech muss direkt ...*URKS*
Wat ass da mat DIR lass, Sam?
Mir haten ënnerwee e puer Turbulenzen ...
Hë?
O mäi Gott! Wat ...? Kenny ...???


Du sëtz dech vläicht besser, Rosa.
Mir hunn dir villes ze erzielen!



E puer Woche méi spéit:
Heyyy, mir sinn esou frou, dass dir eis nees besiche kommt!
Mir och! Mee déi nächste Kéier kommt dir bei eis!
Mir wëlle bei eis och esou een Observatoire wéi bei iech ariichten an hoffen, dass dir eis do hëllefe kënnt!
Ma ganz gären!
Bei eis ginn et awer och Neiegkeeten!
Duerch dat Buch, dat dir eis teleportéiert hutt, hu mir elo geléiert, wéi ee Geméis ubaut.
Merci nach eng Kéier dofir!
A mëttlerweil si mir all scho richteg Proffie ginn!
An net nëmmen am Séien, Nätzen a Plécken.
Mir sinn och ewell topp am Zoubereeden a Kachen.
Dat och, mee mir si virun allem Championen am Genéissen!
Mmmmm-miam, dat richt jo lecker!
Ma da setzt iech un. Mir hoffen, dir hutt vill Honger vun der Äerd matbruecht!

©2026 Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse (MENJE)
L-2926 Luxembourg

©2026 Editions Schortgen
12A, rue du Neuf Septembre
L-4995 Schouweiler

Zenario: Andy Genen mat Gruppe vu Kanner
aus fënnef verschiddenen SEAen
(Foyer scolaire „International Gaston Thorn",
Maison relais „Ettelbrécker Kannerbuerg",
Foyer de jour „Les Colombes",
Maison relais Campus Helperknapp,
Maison relais Frisange)

Zeechnungen: Andy Genen

Korrektur: Myriam Welschbillig

Aarbechtsgrupp:
Max Biwer, Kelly Decker, Andy Genen,
Charlotte Honorez, Carole Meyer,
Lucie Waltzer, Michèle Zirves

Layout: Andy Genen

Drock: Schortgenbookprint

ISBN: 978-2-49673-392-1

All Rechter gehéieren dem MENJE an dem Verlag.

